

# Fränkésche Sprachwierders-kalenner fir 't Jor 1987

Ce calendrier comporte pour chacun des 365 jours de l'année 1987 un proverbe ou dicton, reflet de la sagesse populaire des pays de langue francique luxembourgeoise. Si certains représentent des idées dépassées à l'heure actuelle, leur ensemble constitue un trésor culturel d'une valeur inestimable et irremplaçable.

**Collectage** : Albert-Louis PIERNET avec l'aide du dictionnaire luxembourgeois.

**Graphisme** : Marcel KONNE.

Sur chaque page, vous trouverez une reproduction d'une carte postale ancienne d'un village de l'Arelerland.

Les cartes reproduites dans ce calendrier nous ont été aimablement prêtées par M. Gaby THOMMES, sauf l'agrandissement de la couverture qui vient de la collection de M. Roland BRACH de Yutz.

Ce calendrier a été réalisé et édité par Hemechtsland a Sprooch association pour la promotion et la défense de la culture francique luxembourgeoise.




ARELER LAND A SPROOCH

# 1987


*Sonn am Januar,
e schlecht Jor*

## Arel : d'Lëtzebuurgerstrooss.

# Januar-Haartmount

| | | | |
|---|---|---|---|
| Donneschdeg | 1 | *Aalt Eisen, ale Goss, al Fraen, ale Verdross* | Neijooschdag |
| Freideg | 2 | *A jidder Häärd as e raudegt Schof.* | |
| Samschdeg | 3 | *Alles huet en Enn, mä d'Waasserzoppen nit* | |
| **Sonndeg** | **4** | *Alles huet en Enn, nëmmen d'Wurscht huet der zwéin* | Dräikinneksdag |
| Moundeg | 5 | *Alles kënnt un den Dag, a wann d'Hinger et mussen op der Mëscht erausschären* | |
| Daaschdeg | 6 | *Am Soff geschwat sin aniichter Gedanken* | ◐ |
| Mëttwoch | 7 | *An denen alen Tir as dat schéinst Gelotts* | |
| Donneschdeg | 8 | *An der Nuecht sin all Kaze gro* | |
| Freideg | 9 | *An der Nuecht sin all Kéi schwaarz* | |
| Samschdeg | 10 | *An enger aler Heip as dacks eng gutt Bei* | |
| **Sonndeg** | **11** | *Arem as keng Schan* | |
| Moundeg | 12 | *Aus schlechtem Lieder mécht dee beschte Schungster keng gutt Schung* | |
| Daaschdeg | 13 | *Awergläweg as besser wéi ongläweg* | |
| Mëttwoch | 14 | *Äiser Härgott wäess alles, awer d'Affekote wëssen et besser* | |
| Donneschdeg | 15 | *Bal as nach laang keen Hues gefaang* | ○ |
| Freideg | 16 | *Batter fir de Mond as dem Mo gesond* | |
| Samschdeg | 17 | *Bei batzegen Äppel as wéineg Wiel* | |
| **Sonndeg** | **18** | *Bei de Blannen as de Schiele Kinnek* | |
| Moundeg | 19 | *Bei den Alen as ee gutt gehalen* | |
| Daaschdeg | 20 | *Bei engem gudde Bauer läit kee Stéck brooch* | |
| Mëttwoch | 21 | *Bekannt as nit gehuddelt* | |
| Donneschdeg | 22 | *Besser bei de Bäcker ewéi bei den Dokter* | ◑ |
| Freideg | 23 | *Besser den Oarm wéi den Hauls gebrach* | |
| Samschdeg | 24 | *Besser den Hutt ewéi de Kapp verluer* | |
| **Sonndeg** | **25** | *Besser d'Kanner kräischen ewéi de Papp* | Pauls Bekéierong |
| Moundeg | 26 | *Besser d'Zopp geblos ewéi d'Zong verbrannt* | |
| Daaschdeg | 27 | *Besser eemol gutt ewéi zweemol schlecht* | |
| Mëttwoch | 28 | *Besser eent um Këssen ewéi eent um Gewëssen* | |
| Donneschdeg | 29 | *Besser e midden Arem ewéi en eidelen Darem* | ● |
| Freideg | 30 | *Besser engem oarme Maun séng Fra, wéi engem räiche séng Mod* | |
| Samschdeg | 31 | *Besser eng Kuuscht am Sak ewéi eng Plomm um Hutt* | |

DRÉCKEREI REPRO 2000 ZU NIDDER-JÄIZ




ARELER LAND A SPROOCH

# 1987

*Wie vill Boune wellt gewannen,*
*muss sech am Spurkel begannen*

Ternech : 't wäisst Häissi.

# Februar-Spiirkel

## Kazemount-Schnéimount

| | | | |
|---|---|---|---|
| **Sonndeg** | **1** | *Besser eng Méck am Däppen ewéi glat näischt* | |
| Moundeg | 2 | *Besser en «hun ech» ewéi en «hätt ech»* | Liichtmesdag |
| Daaschdeg | 3 | *Besser en waarmen Dämpchen ewéi e kale Wändchen* | Blasiusdag |
| Mëttwoch | 4 | *Besser gelidden ewéi geschridden* | |
| Donneschdeg | 5 | *Besser gro ewéi nit méi do* | ◐ |
| Freideg | 6 | *Besser hongereg schlofe gaang, ewéi mat Scholden opgestan.* | |
| Samschdeg | 7 | *Besser jonk dra gesprongen, wéi al dra gezwongen* | |
| **Sonndeg** | **8** | *Besser néideg ewéi matléideg* | |
| Moundeg | 9 | *Besser schiel ewéi blann* | |
| Daaschdeg | 10 | *Besser schlecht gefuer ewéi gutt gaang* | |
| Mëttwoch | 11 | *Besser spéit eppes, ewéi fréi näischt.* | |
| Donneschdeg | 12 | *Besser spéit ewéi glat nit* | |
| Freideg | 13 | *Besser voul wéi geckeg* | ○ |
| Samschdeg | 14 | *Besser zweemol verduerwen, wéi eng Kéier gestuerwen* | Vältesdag |
| **Sonndeg** | **15** | *Bleif jidderee bei séngem Haundwierk, da fällt kee Schneider vum Daach* | |
| Moundeg | 16 | *Botter as bannen a baussen heelsaam* | |
| Daaschdeg | 17 | *Botter vun enger Stonn, Brout vun engem Dag, dat gët eng gutt Schmir* | |
| Mëttwoch | 18 | *Brout op Brout gët keng Schmir* | |
| Donneschdeg | 19 | *D'Angscht hitt de Bësch méi wéi de Fieschter.* | |
| Freideg | 20 | *Dat Aalt dauert am längsten* | |
| Samschdeg | 21 | *Dat näischt daacht as geschenkt ze deier* | ◑ |
| **Sonndeg** | **22** | *Dat schéinst Meedche kann nit méi gin wéi et huet* | |
| Moundeg | 23 | *D'Beien an d'Schof héilefen dem Bauer op an of* | |
| Daaschdeg | 24 | *D'Bierger begéine sech nit, awer d'Leit.* | Mathäisdag |
| Mëttwoch | 25 | *De Bauer an d'Maus erhéngeren zum leschten* | |
| Donneschdeg | 26 | *De beschte Monni as de Portmonni* | |
| Freideg | 27 | *Déi al Däppe kachen am beschten.* | |
| Samschdeg | 28 | *Déi al Helleg sin déi bescht.* | ● |

DRÉCKEREI REPRO 2000 ZU NIDDER-JÄIZ




ARELER LAND A SPROOCH

# 1987

*De Määrz helt déi krank mam Staarz*

## Stackem : de Wäschbur.

# Määrz-Lenzmount

| | | | |
|---|---|---|---|
| **Sonndeg** | **1** | *Déi Arem droen hiirt Kräiz um Bockel, déi Räich féieren hiirt an der Kutsch* | Fuessonndeg |
| Moundeg | 2 | *Déi arem Leit kache mat Waasser* | Fuesmoundeg |
| Daaschdeg | 3 | *Déi dommst Baueren hun déi déckst Gromperen* | Fuesdaaschdeg |
| Mëttwoch | 4 | *Déi Eng iessen d'Kiischten, déi Aner kréien de Kuerf ugehaang* | Äschemëttwoch |
| Donneschdeg | 5 | *Déi gescheit Kanner gin nit al* | |
| Freideg | 6 | *Déi grouss Hënn bäisse sech nit* | |
| Samschdeg | 7 | *Déi Grouss wiren nit esou grouss ouni déi Kleng* | |
| **Sonndeg** | **8** | *Déi hoart rieden, déi triede lues, an déi lues rieden, déi trieden hoart* | Bounesonndeg |
| Moundeg | 9 | *Déi Jong kënne stierwen, déi Al musse stierwen.* | |
| Daaschdeg | 10 | *Déi kleng Äppel sin déi bescht, wa mer keng déck hun* | |
| Mëttwoch | 11 | *Déi Kleng sin nit do fir déi grouss am Oaasch ze lecken* | |
| Donneschdeg | 12 | *Déi Päärd, déi 't Huewer verdéngen, déi kréie se nit* | |
| Freideg | 13 | *Déi schwoarz Kéi gin och wäiss Méilech* | |
| Samschdeg | 14 | *Déi sin nit all helleg, déi en hellegt Gesiicht maachen.* | |
| **Sonndeg** | **15** | *De Jonktem as kannerzeg, den Alter as granzereg.* | Krounesonndeg |
| Moundeg | 16 | *De Kapp kal an d'Féiss warem mécht de beschten Dokter arem.* | |
| Daaschdeg | 17 | *De Méinsch ka sech verrieden an eng Kou sech vertrieden* | Gertraudendag |
| Mëttwoch | 18 | *Den Aarmutt as e Sträitmécher* | |
| Donneschdeg | 19 | *Den Aarmutt as iwwerall verstouss* | Jousepsdag |
| Freideg | 20 | *Den Apel rullt nit wäit vum Bam* | |
| Samschdeg | 21 | *Den Äifer schuet der Schéinheet* | |
| **Sonndeg** | **22** | *Den Honger fäärt kee Préiter a kee Jhandarem* | |
| Moundeg | 23 | *Den Houfert an d'Dommheet kommen aus engem Hät.* | |
| Daaschdeg | 24 | *Den Hunn as Meeschter op sénger Mëscht* | |
| Mëttwoch | 25 | *De Méinsch denkt, eiser Härgott renkt* | Maria-Verkënnegong |
| Donneschdeg | 26 | *De Soff an d'Léift féieren zou Schouldbréif.* | Halleffaaschten |
| Freideg | 27 | *De Woulef verléiert séng Hor, awer séng Naupen nit* | |
| Samschdeg | 28 | *D'Guttheet as e Stéck vun der Dommheet.* | |
| **Sonndeg** | **29** | *D'Haut as méi no wéi 't Hiem* | Hiirkesonndeg - Bratzelsonndeg |
| Moundeg | 30 | *D'Hënn an d'Häre maache keng Dir hanner sech zou* | |
| Daaschdeg | 31 | *Die fir 't lescht laacht, laacht am beschten.* | |

DRÉCKEREI REPRO 2000 ZU NIDDER-JÄIZ




Barnech : d'Groussgaass.

1987

*Den Abréil as e Geck*
*bal schéngt D'Sonn,*
*bal gët et Dreck.*

# Abréil-Gecksmount
## Fréiléng

| | | | |
|---|---|---|---|
| Mëttwoch | 1 | *Die gutt Been huet, huet dacks schlecht Stiwwelen.* | |
| Donneschdeg | 2 | *Die gutt schmiirt, die gutt fiirt* | |
| Freideg | 3 | *Die kääft wat en nit néideg as, verkääft bal, wat en néideg as* | |
| Samschdeg | 4 | *Die mam Feier ëmgeet, verbrennt sech.* | |
| **Sonndeg** | **5** | *Die mat groussen Hënn wëllt pisse goen, muss d'Been héich ophiewen.* | Ellesonndeg |
| Moundeg | 6 | *Die mat Hënn schlofe geet, steet mat Fléi op* | |
| Daaschdeg | 7 | *Diem enge gefällt d'Mamm, deem aneren 't Meedchen* | |
| Mëttwoch | 8 | *Dien den Iesel spillt, dee muss d'Säck droen.* | |
| Donneschdeg | 9 | *Dien eemol alles seet, wees duerno näischt méi* | |
| Freideg | 10 | *Dien et nit bäist, brauch sech nit ze krazen* | |
| Samschdeg | 11 | *Dien hongereg schlofe geet, steet gesond op* | |
| **Sonndeg** | **12** | *Dien näischt huet, dien as näischt.* | Pällemsonndeg - Hemechtsdag |
| Moundeg | 13 | *Dien nëmmen eng Klack héiert, dien héiert nëmmen ee Schall* | |
| Daaschdeg | 14 | *Dien nët maart, bezillt richteg.* | |
| Mëttwoch | 15 | *Dien zween Huesen zergläich noleeft, die kritt keen* | |
| Donneschdeg | 16 | *Die sech op de Kënn späitzt, die späizt sech vill ze no* | Gréngen Donneschdeg |
| Freideg | 17 | *Die sech Schof mécht, gët vun de Wëilef gefriess* | Karfreideg |
| Samschdeg | 18 | *Die sech selwer këddelt, laacht wann e wëllt.* | Karsamschdeg |
| **Sonndeg** | **19** | *Die sech verléist op 't lerwen, die ka vun Honger stierwen.* | Ouschteren |
| Moundeg | 20 | *Die sicht, die fënnt* | Ouschtermoundeg |
| Daaschdeg | 21 | *Die vill bréngt as wëllkomm* | Ouschterdaaschdeg |
| Mëttwoch | 22 | *Die vill huet, brauch vill* | |
| Donneschdeg | 23 | *Die vill schwätzt, seet vill Dommheten.* | |
| Freideg | 24 | *Die wëllt blénken, dee muss klénken* | |
| Samschdeg | 25 | *Die wëllt Hunneg lecken, dien däärf d'Beien nit fäärten* | Marksdag |
| **Sonndeg** | **26** | *Die wëllt wunne reng, die bleift a séngem Haus eleng.* | Tréischterin der Betrübten |
| Moundeg | 27 | *D'Jugend huet keng Dugend.* | |
| Daaschdeg | 28 | *D'Kanner an d'Gecke soen d'Wouerecht* | |
| Mëttwoch | 29 | *D'Kanner kommen éischter wéi d'Renten* | |
| Donneschdeg | 30 | *D'Kleder maache Leit an d'Lompe maache Läis.* | |

DRËCKEREI REPRO 2000 ZU NIDDER-JÄIZ




Miezeg : d'Lonkegerstrooss.




1987

*T soll ee sech nët am Mä bestueden.*

# Mä -Oktavsmount

| | | | |
|---|---|---|---|
| Freideg | 1 | *D'Léift geet duurch 't Kachdëppen* | |
| Samschdeg | 2 | *D'Léift mécht e Maansméinsch domm an e Framéinsch geckeg* | |
| **Sonndeg** | **3** | *D'Leit begéine sech, d'Bierger nit* | |
| Moundeg | 4 | *D'Leit maachen de Kalenner an äiser Härgott mécht 't Wieder* | |
| Daaschdeg | 5 | *D'Linnen hu kuurz Been* | |
| Mëttwoch | 6 | *D'Molteren an d'Kieren muss de Mëller ernieren* | ◐ |
| Donneschdeg | 7 | *D'Mooss bleift sele beim Faass stouen* | |
| Freideg | 8 | *D'Nout kennt kee Gesetz* | |
| Samschdeg | 9 | *D'Oarbecht schënnt nit, mä d'Hënn krepéieren dervun.* | |
| **Sonndeg** | **10** | *Dommheet a Stolz si vum selwechten Holz* | Fliederschersdag |
| Moundeg | 11 | *D'Preise hu siwe Mee a keen Häärz* | |
| Daaschdeg | 12 | *D'Welt as voller Péng a jidderee kennt séng* | d'Äishelleg |
| Mëttwoch | 13 | *Ee fault Ä verdierft de ganze Bräi.* | d'Äishelleg ○ |
| Donneschdeg | 14 | *Ee Kand a kee Kand* | d'Äishelleg |
| Freideg | 15 | *Eemol as keemol* | |
| Samschdeg | 16 | *Een Af mécht der honnert.* | |
| **Sonndeg** | **17** | *E grousst Leed kënnt selen eleng* | |
| Moundeg | 18 | *E gudden Affekot as e schlechten Noper.* | |
| Daaschdeg | 19 | *E gudde Rot as dacks besser ewéi boort Geld* | |
| Mëttwoch | 20 | *E gudde Schnapp as eng Kränkt gespuert* | ◑ |
| Donneschdeg | 21 | *E moren Akkuerd as besser ewéi e fette Prozess.* | |
| Freideg | 22 | *En ale Kniecht an eng jong Mocht gët e grousse Stod.* | |
| Samschdeg | 23 | *En aneren Dag, en anere Maart* | |
| **Sonndeg** | **24** | *En doudegt Këndche reecht engem liewegen d'Händchen* | |
| Moundeg | 25 | *Eng dreckeg Kou schléit esou laang mam Schwaunz bis déi aner dreckeg sin* | |
| Daaschdeg | 26 | *Engem Hongeregen as gutt kachen* | |
| Mëttwoch | 27 | *Eng Hand wäscht déi aner* | ● |
| Donneschdeg | 28 | *Eng Kuuscht an e Pättchen ale Wäin, dat as gutt fir al Leit* | Kristihimmelsfaart |
| Freideg | 29 | *Eng Mamm kann eng Dose Kanner erhalen, eng Dose Kanner awer nit hir Mamm* | |
| Samschdeg | 30 | *Eng Schmuelvull mécht kee Summer.* | |
| **Sonndeg** | **31** | *Eng Schnauer as ni en egent Meedchen.* | Mammendag |

DRÉCKEREI REPRO 2000 ZU NIDDER-JÄIZ




ARELER LAND A SPROOCH

1987


*Juni naass,*
*vollkommene Lenz,*
*schlecht Gras,*
*Juni drechen,*
*gudde Wain*
*am volle Fauss*

## Alenuewen : d'Frällenerstrooss.

# Juni - Broochmount
## Rousemount

| | | | |
|---|---|---|---|
| Moundeg | 1 | *En neie Biesem kiert ëmmer gutt* | |
| Daaschdeg | 2 | *En ongebuedene Gaascht setzt een hannert d'Dir* | |
| Mëttwoch | 3 | *En Ongléck kënnt selen eleng* | |
| Donneschdeg | 4 | *En ugebassenen Apel hält sech nit* | ◐ |
| Freideg | 5 | *Et as fir all Leit Raum op der Welt* | |
| Samschdeg | 6 | *Et as keen Dëppen esou kleng, et fënnt dach säin Deckelchen.* | |
| **Sonndeg** | **7** | *Et duerft een nit alles soen, wat een denkt.* | Päischten |
| Moundeg | 8 | *Et gët nach méi Ketten ewéi rosen Hënn.* | Päischtemoundeg |
| Daaschdeg | 9 | *Et ka keen iwwer säin egene Schiet sprangen* | |
| Mëttwoch | 10 | *Et lieft een nëmmen eemol* | |
| Donneschdeg | 11 | *Et muss een äiser Härgott och fir déi kleng Grompere Märsi soen.* | ○ |
| Freideg | 12 | *Et muss een nit méi helleg wéi de Poopst wëlle sin* | |
| Samschdeg | 13 | *Et soll een d'Mais nit bei de Speck spären* | |
| **Sonndeg** | **14** | *E verfollten Apel stécht déi Aner un* | Dräifaltegkeetsdag |
| Moundeg | 15 | *Fir e Bauer ze stëppele muss een en anere Bauer hun.* | |
| Daaschdeg | 16 | *Fir gelueft ze gin muss e stierwen* | |
| Mëttwoch | 17 | *Gëf ni Biirg bei engem deen näischt huet.* | |
| Donneschdeg | 18 | *Géint den Dout as kee Kraut gewuess* | ◑ |
| Freideg | 19 | *Geld léine verdierft d'Frëndschaft* | |
| Samschdeg | 20 | *Geld rejhéiert 't Welt* | |
| **Sonndeg** | **21** | *Gelecks a Gezecks virum Bestueden, Genacks a Gestritts hanneno* | Zerläichendag - Pappendag |
| Méindeg | 22 | *Geléint Geld léist een nit rabbelen* | |
| Daaschdeg | 23 | *Geschenkt as geschenkt, erëmhuelen as gestuel* | |
| Mëttwoch | 24 | *Geschwë bestued huet dacks laang geschued.* | |
| Donneschdeg | 25 | *Gestreng Häre rejhéieren nit laang* | |
| Freideg | 26 | *Gezwongen Eed, Gott leed.* | ● |
| Samschdeg | 27 | *Gläiche Véi leckt sech gär* | |
| **Sonndeg** | **28** | *Gléck am Spill, Ongléck an der Léift* | |
| Moundeg | 29 | *Gléck mat de Päärd an Ongléck mat de Frae mécht dacks e räiche Maun* | Péiteschdag |
| Daaschdeg | 30 | *Gutt Aarbecht lueft sech selwer.* | |

DRÉCKEREI REPRO 2000 ZU NIDDER-JÄIZ




AREL LAND A SPROOCH

1987

*Wann Juli net kacht,*
*Kann de September net broden*

## Arel : de Park.

# Juli-Heemount

| | | | |
|---|---|---|---|
| Mëttwoch | 1 | *Gutt Leit si besser wéi boort Geld* | |
| Donneschdeg | 2 | *Hanner dem Bierg sin och Leit* | Maria Heimsuchung |
| Freideg | 3 | *Här as Här, a Max as Max* | |
| Samschdeg | 4 | *Hënn déi billen, bäïssen nit* | |
| **Sonndeg** | **5** | *Hitt dech virun dene Kazen, déi vir lecken an hanne krazen* | |
| Moundeg | 6 | *Houeremiel gët Houerepaangkech* | |
| Daaschdeg | 7 | *Houlz an Hor, dat déngt néng Jor* | Hl. Willibrord |
| Mëttwoch | 8 | *Hunneg op der Zong, Gal op der Long* | |
| Donneschdeg | 9 | *Iesel gebueren, Iesel gestuerwen* | |
| Freideg | 10 | *Iessen an Drénken häIlt Leif a Séil zesummen* | |
| Samschdeg | 11 | *Jiddereen as e Geck op séng Mannéier* | |
| **Sonndeg** | **12** | *Jiddereen as Här a séngem Haus* | |
| Moundeg | 13 | *Jidderee lueft séng Kanner wéi de Bauer séng Ranner* | Donatisdag |
| Daaschdeg | 14 | *Jiddwer Däppche fënnt säin Deckelchen* | |
| Mëttwoch | 15 | *Jidferee fir sech, an äiser Härgott fir äis all* | |
| Donneschdeg | 16 | *Kee Genoss ouni Verdross* | Donatisprëzioun |
| Freideg | 17 | *Keen as en Hellegen a séngem Duerf* | |
| Samschdeg | 18 | *Keen Haus ouni Maus, kee Biedelmann ouni Maus* | |
| **Sonndeg** | **19** | *Keng Oarbecht ëmsoss* | |
| Moundeg | 20 | *Kiert jidderree vru sénger Dir, da bleift 't Duerf propper* | Maargrittendag |
| Daaschdeg | 21 | *Kleng Däppe lafe gläich iwer* | |
| Mëttwoch | 22 | *Kleng Kanner, klengt Leed, grouss Kanner, grousst Leed* | |
| Donneschdeg | 23 | *Laange Fuedem, faule Schneider* | |
| Freideg | 24 | *Laang Hor, nit vill Hir* | |
| Samschdeg | 25 | *Laascht 't Gold gefloss, nit vill dervu genoss* | Jokobsdag |
| **Sonndeg** | **26** | *Léier keen alen Af Konschte man* | Anendag |
| Moundeg | 27 | *Liddereg am Jonktem, onzefridden am Alter* | |
| Daaschteg | 28 | *Lues am Iessen, lues bei der Oarbecht* | |
| Mëttwoch | 29 | *Maach e Knuet wéi eng Bamnoss, da méchs de kee Stéch ëmsoss* | |
| Donneschdeg | 30 | *Mar as nach en Dag* | |
| Freideg | 31 | *Mat aner Leits Botter as gutt Schmiere maachen* | |

DRÉCKEREI REPRO 2000 ZU NIDDER-JÄIZ




1987

*Den August muss kachen*
*De September muss broden.*

## Katterwang : beim Pletsch.

# August-Huewermount
## Aascht-Karschnatz

| | | | |
|---|---|---|---|
| Samschdeg | 1 | *Mat Bengele fäänkt ee keng Vullen* | |
| **Sonndeg** | **2** | *Mat fale léieren d'Kanner goen* | |
| Moundeg | 3 | *Mat gefaangen, mat gehaangen* | |
| Daaschdeg | 4 | *Mat Geld a gutt Wuert kritt ee vill* | |
| Mëttwoch | 5 | *Mat Schued gët ee weis awer nët räich* | |
| Donneschdeg | 6 | *Mengen a Botter klappen as zweeërlee* | |
| Freideg | 7 | *Miess honnert Mol, awer schneid nëmmen eemol of* | |
| Samschdeg | 8 | *Näid mécht Sträit* | |
| **Sonndeg** | **9** | *Näischt gläischt méi engem Méinsch ewéi e Kinnek* | |
| Moundeg | 10 | *Nei Bieseme kiere gutt ma déi al fannen d'Ecken* | Lorensdag |
| Daaschdeg | 11 | *Nëmmen al sin as nit genuch fir respektéiert ze gin* | |
| Mëttwoch | 12 | *No siechzeg gebaut huet meeschtens geraut* | |
| Donneschdeg | 13 | *Op den éischten Ha fällt kee Bam* | |
| Freideg | 14 | *Owes nit aus der Käipchen, muerges nit aus der Häipchen* | |
| Samschdeg | 15 | *Roum as nit an engem Dag gebaut gin* | Léiffrakrautdag |
| **Sonndeg** | **16** | *Saulz a Brout mécht d'Bake rout* | |
| Moundeg | 17 | *Schéi Kanner gi schéi Brauten* | |
| Daaschdeg | 18 | *Schéi Leit hu schéi Saachen* | |
| Mëttwoch | 19 | *Schéi sin as vill, gefalen as méi* | |
| Donneschdeg | 20 | *Schlecht Ae gesinn näischt gutt* | |
| Freideg | 21 | *Schwätzen as kee Geld, soss hätten d'Fraleit ës vill* | |
| Samschdeg | 22 | *Schwoarz gebuer, all Wäsches verluer* | |
| **Sonndeg** | **23** | *Se schlofen nit all, déi d'Aen zou hun* | |
| Moundeg | 24 | *Speck a Brout schléit den Honger dout* | |
| Daaschdeg | 25 | *Stëllt Waasser, Grondfrësser* | |
| Mëttwoch | 26 | *'T as kee méi grousst Leed, wéi dat, wat ee sech selwer undeet* | |
| Donneschdeg | 27 | *'T as keen esou kleng, en huet e Kräiz fir sech eleng* | |
| Freideg | 28 | *'T as keen Haus esou kleng, et huet säi Kräiz eleng* | |
| Samschdeg | 29 | *'T as keen Hellechen esou kleng, en hätt gär séng Kapell* | |
| **Sonndeg** | **30** | *'T as kee Papp a keng Mamm esou arem, se halen hir Kanner warem* | |
| Moundeg | 31 | *'T as keng Houchzäit esou kleng, se bréngt nach eng* | |

DRÉCKEREI REPRO 2000 ZU NIDDER-JÄIZ




ARELER LAND A SPROOCH

# 1987

*September klor fruuchtbaart Jor*

Sterpenech : d'Grenz.

# September - Hierschtmount

| | | | |
|---|---|---|---|
| Daaschdeg | 1 | 'T as nit alles Gold, wat blénkt an nët alles Dreck wat sténkt | |
| Mëttwoch | 2 | 'T Bestueden as e Vullekuerf, déi dra si wäre gär eraus. | |
| Donneschdeg | 3 | 'T Bestuede mécht d'Gecke weis | |
| Freideg | 4 | 'T fällt kee Meeschter vum Himmel. | |
| Samschdeg | 5 | 'T fänkt ee méi Mécke mat Hunneg ewéi mat Esseg. | |
| **Sonndeg** | **6** | 'T geet méi liicht de Bierg erof wéi op | |
| Moundeg | 7 | 'T Geld brauch kee Momper. | |
| Daaschdeg | 8 | 'T gët dräierlee Leit op der Welt, gudder, schlechter a Lëtzebuurger | Mariagebuurt |
| Mëttwoch | 9 | 'T gët een esou al wéi eng Kou, 't léiert een all Dag eppes zou. | |
| Donneschdeg | 10 | 'T Gléck geet dem Soff no | |
| Freideg | 11 | 'T heescht keng Kou Blimmchen, dees se hätt eng wäiss Strimmchen | |
| Samschdeg | 12 | 'T häckt ee sech nët mat enger Hand déi aner erof | |
| **Sonndeg** | **13** | 'T huet nach keng Kou um Kallef gesoff. | |
| Moundeg | 14 | 'T kann eemol eng blann Sau eng Eechel fannen | Kräizdag |
| Daaschdeg | 15 | 'T kann een alles iessen, awer nët alles soen | |
| Mëttwoch | 16 | 'T kann een en Iesel un den Trach féieren, awer nit zwangen, datt e säft. | |
| Donneschdeg | 17 | 'T kann een nit alles op eemol maachen | |
| Freideg | 18 | 'T kann een nit zegläich d'Klacke lodden a mat de Kräizer gon | |
| Samschdeg | 19 | 'T kann nit schlëmmer goen, ewéi nom Doud an d'Häll | |
| **Sonndeg** | **20** | 'T kääft ee keng Kaz am Sak. | |
| Moundeg | 21 | 'T lieft een nit vun der Oarbecht ma vum Profitt | Téiwesdag |
| Daaschdeg | 22 | 'T Liewen as eppes wéi eng Hingerleder, kleng a beschassen. | |
| Mëttwoch | 23 | 'T muss ee maachen, dass den Här en Här bleift. | |
| Donneschdeg | 24 | 'T muss ee mat de Wéilef haulen | |
| Freideg | 25 | 'T muss een dem Woulef säi Pelz nit verkafen, dees 't hätt een en. | |
| Samschdeg | 26 | 'T muss een d'Leit huele wéi se sin | |
| **Sonndeg** | **27** | 'T muss een eng Linn soe fir eng Wouerecht gewuer ze gin. | |
| Moundeg | 28 | 'T muss een nit alles gläwe, wat d'Leit soen | |
| Daaschdeg | 29 | 'T muss een 't Geld vun de Leit huelen, vun den doudege kritt een näischt | Mëchelsdag |
| Mëttwoch | 30 | 'T Stierwe wir näischt, wann der Doud nit wir | |

DRÉCKEREI REPRO 2000 ZU NIDDER-JÄIZ




AREELER
LAND A SPROOCH

# 1987

*Bléischt um Oktober den Hurt an d'Har*
*dann heescht et Bauer, séi dái Kar*

## Martel : d'nei Bréck gebaut an 1925.

# Oktober - Wäimount

## Gromperemount - Reismount

| | | | |
|---|---|---|---|
| Donneschdeg | 1 | *'T weess ee keemools zevill, mä dacks nit genuch* | |
| Freideg | 2 | *'T weess kee, wou ee säint lescht Hiem zeräist* | |
| Samschdeg | 3 | *Un al Haiser an un al Huesen as ëmmer ze flicken* | |
| **Sonndeg** | **4** | *Un den Aen daarf een nëmme mam Ielebou réieren* | |
| Moundeg | 5 | *Un der Léift an um Wand huet nach kee sech sat giess* | |
| Daaschdeg | 6 | *Un de Schnësser erkennt een 't Schwäin* | |
| Mëttwoch | 7 | *Un enger Schwaart leckt keen sech sat* | ○ |
| Donneschdeg | 8 | *Véier Ae gesi méi wéi zwee* | |
| Freideg | 9 | *Verspriechen an halen as zweeërlee* | |
| Samschdeg | 10 | *Vill Bridder, schmuel Gidder* | |
| **Sonndeg** | **11** | *Vill Hänn lässche vill Bränn* | |
| Moundeg | 12 | *Vill Käch verdierwen de Bräi* | |
| Daaschdeg | 13 | *Vill Niwwel am Hierscht, vill Schnéi am Waunter* | |
| Mëttwoch | 14 | *Vir gedoen an no gekrasch, si verluer Tréinen* | ◐ |
| Donneschdeg | 15 | *Vun anerleits Speck as gutt Gréiwe schneiden* | |
| Freideg | 16 | *Vun der Oarbecht gët kee fett* | |
| Samschdeg | 17 | *Wann d'Oarbecht räich méich, da wär den Iesel esou räich wéi de Miller* | |
| **Sonndeg** | **18** | *Wann déi al Scheiere brennen, as kee Läsches méi* | Luksdag |
| Moundeg | 19 | *Wann der zwee gaapsen, déi versti sech* | |
| Daaschdeg | 20 | *Wann de «wann» nit wär, wär muencher Biedler Milljonär* | |
| Mëttwoch | 21 | *Wann d'Kanner Geld hun, da lousen d'Kréimer* | |
| Donneschdeg | 22 | *Wann d'Mais sat sin, as 't Miel batter* | ● |
| Freideg | 23 | *Wann een de Kanner de klenge Fanger gët, da wëlle se d'ganz Hand* | |
| Samschdeg | 24 | *Wann een domm as, dann as et fir laang* | |
| **Sonndeg** | **25** | *Wann een en Hond wëllt dout schloen, da seet een e wir rosen* | |
| Moundeg | 26 | *Wann een nit staark as, muss een nit domm sin* | |
| Daaschdeg | 27 | *Wann een un d'Häll gewinnt as, da fäärt een der Deiwel nit* | |
| Mëttwoch | 28 | *Wann ee vum Woulef schwätzt, as de Schwaunz nit wäit ewech* | |
| Donneschdeg | 29 | *Wann e Geck laacht da laachen der honnert* | ◑ |
| Freideg | 30 | *Wann eng Kou bësert, dann hieft déi aner de Schwaunz op* | |
| Samschdeg | 31 | *Wann et dem Iesel ze wuel as, da geet en op 't Äis daunzen* | |

DRÉCKEREI REPRO 2000 ZU NIDDER-JÄIZ




ARELER LAND A SPROOCH

# 1987

*November naass, gët vill Gras*

Warnech : en Eck vum Duerf.

# November-Wantermount

## Allerhelgemount-Niwwelmount

| | | | |
|---|---|---|---|
| **Sonndeg** | **1** | *Wann et kee Waunter gët, gët et kee Summer* | Allerhellegen |
| Moundeg | 2 | *Wann et reent op de Paschtouer, dann drëpst et op de Koschter* | Allerséilen |
| Daaschdeg | 3 | *Wann et sonndes reent a méindes och, da gët et nach eng schéi Woch* | |
| Mëttwoch | 4 | *Wann-s de nit wëlls al gin, da looss dech jonk hänken* | |
| Donneschdeg | 5 | *Wann 't Hä kräicht, da laacht d'Huewer* | |
| Freideg | 6 | *Wann 't Kand gedeeft as, wëllt jidderee Pätter sin.* | |
| Samschdeg | 7 | *Wann 't Stréi Mëscht gët, wir et gär gefouert* | |
| **Sonndeg** | **8** | *Warem Hänn, Léift ouni Enn* | |
| Moundeg | 9 | *Wat däint nit as, dat looss leien* | |
| Daaschdeg | 10 | *Wat de Bauer nit kennt, dat frësst hien nit.* | |
| Mëttwoch | 11 | *Wat de Jonktem gräift, dat hält e stäif* | Määrtesdag |
| Donneschdeg | 12 | *Wat ech nit kennen, dat loossen ech brennen* | |
| Freideg | 13 | *Wat ech nit wääss, mécht mech nit hääss.* | |
| Samschdeg | 14 | *Wat een den Dreck méi réiert, wat e méi stenkt.* | |
| **Sonndeg** | **15** | *Wat een nit am Oasch huet, dat huet een och nit am Hënner* | |
| Moundeg | 16 | *Wat een nit am Kapp huet, muss een an de Been hun.* | |
| Daaschdeg | 17 | *Wat een nit hiewe kann, da léisst ee leien* | |
| Mëttwoch | 18 | *Wat een nit wääss, dat wääss den Aneren.* | |
| Donneschdeg | 19 | *Wat elef Hinger zesummeschären, kann dat zwieleft auserneekrazen* | |
| Freideg | 20 | *Wat ënner den Dësch fällt, as fir d'Mod* | |
| Samschdeg | 21 | *Wat méi al, wat méi knaddereg, kréckeg a kal* | |
| **Sonndeg** | **22** | *Wat méi arem, wat méi warem.* | |
| Moundeg | 23 | *Wat méi grouss, wat méi domm a lëmmelzeg* | |
| Daaschdeg | 24 | *Wat méi studéiert, wat méi verkéiert* | |
| Mëttwoch | 25 | *Wat näischt kascht, dat daacht nit vill* | Katréngendag |
| Donneschdeg | 26 | *Wat nit vum Häärz kënnt, geet nit zum Häärz* | |
| Freideg | 27 | *Wäit aus den Ae, wäit aus dem Häärz* | |
| Samschdeg | 28 | *Wäit vum Feier kann al gin den Zaldot* | |
| **Sonndeg** | **29** | *Wéi den Hielenter bléit, sou bléien och d'Riewen* | Adwent |
| Moundeg | 30 | *Wéi een an de Bësch erarifft, esou schaalt et eraus* | |

DRÉCKEREI REPRO 2000 ZU NIDDER-JÄIZ




ARELER LAND A SPROOCH

# 1987

*Grénge Krëschtdag,*
*Wäissen Ouschterdag.*

**Attem : d'Strooss J.B. Arend.**

# Dezember-Krëschtmount

| | | | |
|---|---|---|---|
| Daaschdeg | 1 | *Wéi ee säi Bett mécht, esou schléift een* | Luiëndag |
| Mëttwoch | 2 | *Wéllt äiser Härgott een ernieren, da kann zënt Péiter et nit verwieren* | |
| Donneschdeg | 3 | *Wie bäim Auder as, kritt d'Méilech* | |
| Freideg | 4 | *Wie frech as ewéi en Hond, die lieft wéi en Här* | |
| Samschdeg | 5 | *Wie gemat as fir ze hänken, deen ersëft nit.* | ○ |
| **Sonndeg** | **6** | *Wie kee Spaass versteet, bleift vun de Leiden ewech* | Niklosdag |
| Moundeg | 7 | *Wien den Apel schielt, ësst en nit ëmmer.* | |
| Daaschdeg | 8 | *Wien sech nit selwer lueft, gët nit gelueft* | |
| Mëttwoch | 9 | *Wien ze spéit kënnt, kritt de Wësch an 't Dëppen.* | |
| Donneschdeg | 10 | *Wie Sträit wéllt, huet och bal eng Ursaach.* | |
| Freideg | 11 | *Wou äiser Härgott eng Kirech baut, do setzt der Deiwel e Wiirtshaus.* | |
| Samschdeg | 12 | *Wou Damp as, as och Feier* | |
| **Sonndeg** | **13** | *Wou d'Schmuelvulle bauen, zitt 't Gléck an* | ◐ |
| Moundeg | 14 | *Wou e Judd gespaut huet, gët et e Lach* | |
| Daaschdeg | 15 | *Wou fir sechs gekacht as kënne siwen iessen.* | |
| Mëttwoch | 16 | *Wou gehuwwelt gët, do fale Spéin* | |
| Donneschdeg | 17 | *Wou Hecke sin, do sin och Mëschen* | |
| Freideg | 18 | *Wou kee Feier as, do as keng Flamm.* | |
| Samschdeg | 19 | *Wou kee Gott as, do as kee Gebott.* | |
| **Sonndeg** | **20** | *Wou kee Maun as, do as kee Rot, a wou keng Fra as, do as kee Stot* | ● |
| Moundeg | 21 | *Wou kee Stot as, do as kee Rot.* | |
| Daaschdeg | 22 | *Wou näischt as do brennt de Spaass.* | |
| Mëttwoch | 23 | *Wuer ech mäin Hutt hänken, do sin ech doheem* | |
| Donneschdeg | 24 | *Wuer Gott setzt en Hues, duer setzt en och e Wues.* | |
| Freideg | 25 | *Zännwéi as e verléifte Wéi* | Krëschtdag |
| Samschdeg | 26 | *Zevill an ze maun as keng Mooss* | Stefensdag |
| **Sonndeg** | **27** | *Zevill as ongesond, 't sief giess odder gedronk.* | ◑ |
| Moundeg | 28 | *Zevill schaarf schneit nit, zevill spatz stécht nit* | Kindheet |
| Daaschdeg | 29 | *Zween Hunne verdroe sech nit op enger Mëscht.* | |
| Mëttwoch | 30 | *Zwéin hoarder Steng muele sele reng.* | |
| Donneschdeg | 31 | *Zwéin Hënn un enger Schaunk man elauter Sträit an Zaunk.* | Zilwesterdag |

DRÉCKEREI REPRO 2000 ZU NIDDER-JÄIZ